Der Kongress-Tag startete um 8 Uhr mit einem gemeinsamen Frühstück, gegen 9 Uhr eröffneten dann Const Schwartz und Marc Mamer den Kongress. Der Präsident erläuterte die verschiedenen Themenbereiche und erklärte, welche Erwartungen man für diesen Tag hegt.

Um 10 Uhr starteten dann die verschiedenen Workshops ihre Arbeit in verschiedenen Sälen und Bereichen des Kulturzentrums, wo bis mittags gearbeitet wurde. Nach einem gemeinsamen Mittagessen an Ort und Stelle ging es um 14 Uhr wieder zurück an die Arbeit.

Für 16 Uhr trafen dann die Ehrengäste und die ausländischen Delegationen ein, unter ihnen Frau Innenministerin Taina Bofferding, der Bürgermeister der Gemeinde Mertert-Wasserbillig Jérome Laurent, der Vizepräsident des Verwaltungsrates des CGDIS Alain Becker, der Präsident des Landesfeuerwehrverbands (Lfv) Rheinland-Pfalz Frank Hachemer, der Präsident des Lfv Saarland Manfred Rippel, der Landesbrandinspekteur Saarland Timo Meyer und der Vizepräsident des USDP 57 Lieutenant Jérémy Blanc. Ihnen wurden die Ideen, Vorschläge und Schlussfolgerungen der einzelnen Workshops vorgestellt.

Ein grosser Dank geht an Sources Rosport, die uns für diesen Tag kostenfrei Wasser zur Verfügung gestellt haben.

In der nächsten Ausgabe werden wir ihnen die Berichte der Workshops präsentieren.

Nach dem Kongress fand dann auch wieder das traditionelle Galadinner statt, das dieses Mal im Restaurant Steinmetz in Bech stattfand. Traditionell wurde im Vorfeld, in Präsenz von Bürgermeister der Gemeinde Camille Kohn, ein Blumenkranz am Mahnmal in Bech abgelegt ❷.

Während des Dinners wurden den ausländischen Gästen vom Landesfeuerwehrverband Auszeichnungen verliehen. Lieutenant Jérémy Blanc, Timo Meyer und Manfred Rippel bekamen die Ehrenmitgliedsmedaille der FNP und Frank Hachemer wurde die Ehrenmitgliedsmedaille mit Krone überreicht ❸.





Landespräsident Marc Mamer wurde an diesem Tag eine besondere Ehre zuteil, ihm wurde von Frank Hachemer im Namen von Bundespräsident Frank-Walter Steinmeier das Bundesverdienstkreuz verliehen.

*Text: Patrick Muller*
*Fotos: Jean-Paul Wagener / Patrick Muller*

# VIROWEND NATIONALFEIERDAG ZU ESCH/UELZECHT

**(Fotostreck Brausch R.)**














# NATIONALFEIERDAG

**(Fotostreck Brausch R.)**
















AMBULANCE
112


INCENDIE SECOURS






INCENDIE SECOURS
112





# S.C. BERUFFSPOMPJEEËN AN DER FINAL VUN DER COUPE FCL

*Text: Steve Turpel*
*Fotos: Brausch R.*

Samschdes den 13.05.2023 stoung den S.C. Beruffspompjeeën zu Schuller an der Final vun der Coupe FCL. Den Géigner war den CAS BGL BNP Parisbas. Iwwer 400 Leit haten sech um Terrain zu Schuller afonnt. Ons Équipe ass séier mat 2-0 a Féierung gaangen dat duerch Goaler vum Yannick Wagner an Jérôme Lehnertz. Nach virun der Paus konnt den Géigner op 2-1 verkierzen. No der Paus ass et vir den S.C. Beruffspompjeeën net méi esou gutt gelaf an um Enn hu mir no 70 Minutten mat 3-2 verluer.
En decke Merci un all Supporteren déi eis iwwert déi ganz Saison esou gutt ënnerstëtzt hunn.













# EINWEIHUNG DES NEUEN EINSATZZENTRUMS IN REDINGEN–ATTERT

In Redingen/Attert wurde am 28.04.2023 das neue Einsatzzentrum und die Hallen der Gemeinde des technischen Dienstes offiziell eingeweiht. Im neuen Einsatzzentrum arbeiten rund 70 freiwillige Mitglieder und 9 hauptberufliche Feuerwehrleute des CGDIS, dies im 24 Stunden Rhythmus, 7 Tage die Woche.









Im Gebäude sind stationiert: 2 RTW's, eine DLK sowie ein HLF. Als Spezialfahrzeuge sind ein Boot mit Fahrzeug der Taucherstaffel, sowie diverse anderer Fahrzeuge stationiert.

Am Freitag den 28.04.2023 fand die Zeremonie im Beisein der Innenministerin, Taina Bofferding, dem Direktor der Finanzen des CGDIS Claude Frantzen in Vertretung des Generaldirektors Paul Schroeder, dem Bürgermeister der Gemeinde Redingen Henri Gerkens, CIS Chef Daniel Horsmans, Amicale Präsident Luc Pauly sowie Lokalhistoriker Rol Conrardy statt. Zahlreiche Ehrengäste aus Politik, Vertreter von Feuerwehren und offiziellen Institutionen waren ebenfalls eingeladen worden.

Als symbolischen Akt war eine Wasserleitung der Gemeinde aufgebaut worden durch welche der technische Dienst der Gemeinde der Feuerwehr das Wasser zufließen lies. Als offizielle Einweihungszeremonie wurden von Bürgermeister Henri Gerkens, Innenministerin Taina Bofferding sowie dem Finanzdirektor des CGDIS Claude Franzen die Armaturen geöffnet und das Wasser konnte über eine Löschleitung entnommen werden.

In den Reden gaben die erwähnten Personen Erklärungen zum Aufbau, Kosten, Material, Mitarbeiter der beiden Verwaltungen, die in den Räumlichkeiten des Gebäudes ihren Platz gefunden haben. Desweitern wurden 4 Feuerwehrmitglieder für Ihre Dienste bei der Feuerwehr Redingen geehrt:

- Romain Thiel, Marc Staudt als abtretende Führungskräfte des CIS Redange;
- Arnold Fonck als 50-jähriges Mitglied der Feuerwehr Redingen/Attert;
- Jan Niebelschütz erhielt vom Bürgermeister eine Ehrung für geleistete Arbeit zum Aufbau der Feuerwehrkaserne, wobei er bei der Planung sowie der Fertigstellung des Gebäudes als Ehrenamtlicher tätig war.

Nach der offiziellen Übergabe lud die Gemeinde zu einem Ehrenwein ein und die geladenen Gäste konnten beide Gebäude besichtigen. Am 29.04.2023 fand im Rahmen dieser Feier, ein Tag der Offenen Tür statt, dabei waren die Feuerwehrkaserne und die Hallen des technischen Dienstes für die Bevölkerung geöffnet. Dieser Tag der offenen Tür fand reges Interesse, welches sich an den hohen Besucherzahlen wiederspiegelte. Am Abend fand ein musikalischer Abschluss statt an dem sich mehrere Gruppen beteiligten.





*Text Dan Horsmans*
*Fotos Brausch R.*

# PASSATION DE COMMANDEMENT AM CIS KOLER DEN 5. MEE 2023

Den 1. Mäerz 2023 huet de Claude Giersch no 18 Joer als Chef de Centre  vum CIS Koler dëse Posten un de Marco Weintzen iwwerginn. De selwechten Dag huet de Bob Jemming de Posten vum Chef de Centre adjoint iwwerholl.

d'Integratioun an de CGDIS waren.
De Claude geet dem CIS Koler glécklecherweis fir d'Zukunft net verluer, mee hien bleift esouwuel operationell, wéi och als Chef d'Unité vun der Jugend aktiv an e feste Bestanddeel vum Zenter.






Fir dem Claude seng laangjäreg Déngschter ze éieren, gouf de 5. Mee 2023 eng « Passation de commandement » am CIS Koler organiséiert. De Claude Giersch ass den 5.02.1995 de Pompjeeën bäigetrueden an hien huet den 21.01.2005 de Posten als Chef de Corps vun de Koler Pompjeeën vum Fränk Labruier iwwerholl.

Wärend deene leschten 18 Joer huet hien sech intensiv dermat beschäftegt fir eng ganz Partie Meilesténg fir d'Koler Pompjeeën ze leeën, wat ënnert anerem d'Grënnung vun enger Jugendsektioun, d'Mise en Place vum First Responder, de Bau vum neien Zenter an

Ënnert der Präsenz vum Generaldirekter vum CGDIS, Paul Schroeder, dem Chef de Zone, Paul Hack, dem Chef de Zone adjoint, Jean Stein, de Vertrieder vun der Gemeng Garnech, de Vertrieder vun de Nopesch CIS'en an natierlech de Memberen vum CIS Koler an der Amicale vun de Koler Pompjeeën ass dem Claude Giersch fir seng Aarbecht an säin onermiddlechen Asaz Merci gesot ginn an et sinn Kaddoen iwwerreecht ginn.

Als Ofschloss vum Owend huet d'Gemeng Garnech zesummen mat der Amicale vun de Koler Pompjeeën op en Éierewäin invitéiert.










*Text  Marco Weintzen*
*Fotoen  Brausch R.*

# SPENDENAKTIOUN ZU GONSCHTEN VUN DER LUKRAINE A.S.B.L.

## ORGANISÉIERT VUN DEN POMPJEEËN GEMENG HABSCHT A.S.B.L.







Nodeems sech am Dezember 2022 zwee Memberen aus dem CIS Habscht bereet erkläert haten un engem Convoi vun Rettungsgefierer an d'Ukraine matzefueren, deen am Kader vun der internationaler Aktioun "Ukraine is calling" stattfonnt huet, an si eis vun hiren Andréck aus der Ukraine erzielt hunn, hunn







d'Pompjeeën vun der Gemeng Habscht A.s.b.l. sech Gedanken gemaach wei een d'LUkraine A.s.b.l. kéint weider ënnerstëtzen.

Séier ass d'Idee opkomm, am Januar 2023 eng Spendenaktioun ze lancéieren mam Ziel Suen ze sammelen fir dringend gebrauchten Stroumaggregater ze kafen. Mir hunn iwwert d'Federatioun also eisen Opruff gestart, fir mat Hëllef vun allen Amicallen vun den CIS'en aus dem Land déi néideg Suen zesummenzekréien.

Nodeems mir vill Don'en vun Amicallen aus dem ganzen Land kritt hunn, wollten mir eis trotzdem nach net zefridden ginn. Dofir hu mir Mëtt Februar och nach sämtlech Veräiner aus der Gemeng Habscht ëm Ënnerstëtzung gebieden. Dësen Opruff ass sou wuel bei den Veräiner wei och bei der Gemeng Habscht op oppen Oueren gestouss, sou dass mer den Montant nach eng Kéier verduebelen konnten.

No enger Reunioun mat den Responsabelen vun der LUkraine A.s.b.l. krute mir gesot, dass am Verlaf vun der humanitärer Hëllef der Ukraine genuch Stroumaggregater konnten zur Verfügung gestallt ginn an dass mer no enger Alternativ sollten kucken.
Déi nei Propose war eng gebrauchten Dréileeder ze kafen. Als CIS Habscht waren mir natierlech frou lo nach besser den ukraineschen Pompjeeskolleegen kënnen ze hëllefen. Sou konnten mer mat weiderer finanzieller an logistescher Ënnerstëtzung vun der LUkraine A.s.b.l. dëst Gefier kafen an op Lëtzebuerg bréngen.

Den 27. Abrëll konnt an Präsenz vun Vertrieder vun allen Donatricen an Donateueren, dem President an der Vice-Presidentin vun der LUkraine A.s.b.l., dem Schäffen- an Gemengerot vun der Gemeng Habscht an den Memberen vum CIS Habscht d'Dréileeder iwwerreecht ginn. D'Gemeng Habscht huet als Ofschloss vum offiziellen Deel en Éierewäin offréiert.

Merci allen Bedeelegten déi dës Aktioun zum Erfolleg gemaach hunn!

*Text: Gil Schmit*
*Fotoen: Brausch R.*

# HOCHZEIT IN TRINTINGEN

Am 27. Mai 2023 haben Nico Hermes, Leiter des CIS Dalheim und Martine Schumacher in der Kirche von Trintingen geheiratet. Mit ihnen freuten sich die Kinder Lara und Michelle. Die Feuerwehrkameraden aus Dalheim erwarteten das frischvermählte Brautpaar nach der Messe und hatten einige Überraschungen vorbereitet welche die Eheleute ausführen mussten.

„De Lëtzebuerger Pompjee" schließt sich den vielen Glückwünschen an und wünscht alles Gute für die gemeinsame Zukunft.

*Brausch R.*





# KINOLER



De CIS Lëntgen huet ee Samsdeg den 29.4.23 sech, ob Invitatioun vum CGDIS INFS Jugend, ee schéinen Nomëtteg zu Koler gehat.

Am Kader vun den Kannerrechter gouf de Film „Wunder" gewisen. Mir kruten jiddereen eng gutt Tut Popcorn an ee Softdrink spendéiert.

Villmools Merci dem CIS Luerenzweiler fir den MTW, dem Kinoler fir den flotten Encadrement an dem Thomas Michels mam Sven Kohnen fir den flotten Ëmfang an d'Invitatioun.





# AWEIUNG VUM NEIEN ASAZZENTER CIS BAUSCHELT (BOULAIDE)





Den 12. Mee 2023 war et sou wäit. Nodeems dass eisen neien LF 2.1 am Mäerz 2021 ausgeliwwert ginn ass, konnten mir dësen den 12. Mee 2023 a Präsenz vun der Inneministesch Taina Bofferding aweien. Gläichzäiteg konnt och am CIS, deen vun 2012 un operationell ass, no 2 Joer Bauphase e neien Instruktiounssall, e Jugendraum an en Openthaltsraum den gläichzäiteg och vun der Amicale genotzt gëtt ageweit ginn. Eng Investitioun déi an heitegen Zäiten ganz wichteg ass fir deem Rechnung ze droen wat an eisen Asätz vun Mënsch an Material verlaangt gëtt.







Mir hunn dunn vun der Situatioun profitéiert an gläichzäiteg eng Porte Ouverte doraus gemaach. Op des Manéier konnten mir d'Diiren vun eisem Zenter fir den Public aus der Gemeng an och ausserhalb vun der Gemeng opmaachen an den Hobby Pompjeeën souwéi Jugendpompjeeën representéieren. Doduerch hu mir offiziell 1 neien Pompjee an 1 Jugendpompjee konnten rekrutéieren.

Och eis Amicale huet vun dëser Situatioun profitéiert an en Don un d'Wonschkutsch a.s.b.l. an un d'Ile aux Clowns vun jeeweils 1.500 Euro gemaach.

No dësem gelongenen Fest soen mir den Politiker, den Gemengevertrieder an och den villen Memberen aus den Cis'en ronderëm Merci, dass si zur Verschéinerung vun dësem Fest konnten bäidroen.

Vill Pompjeeën hu sech gefillt wei „ fréier um Kantonalfest".

Eiser Gemeng en grousse Merci, dass si dësen Ëmbau erméiglecht hunn. Och dem Gemengepersonal an den Memberen vum CIS an vun der Amicale e Merci fir die vill geleeschten Aarbecht.
Vill Organisatioun an Aarbecht, mee et huet eisen Zenter en groussen Schratt vir an d'Zukunft weider bruecht.







*Text : Tamara an Pascal Nijenhuis*
*Fotos : Brausch R.*
*T. Nijenhuis, CH.Reiser*

# NORUFF - UNDENKEN UN DE



De CIS Esch/Uelzecht an d'Amicale vum CIS Esch hunn déi traureg Flicht Iech matzedeelen, dass den Erpelding Jean, dësen Freideg 21. Abrëll 2023 friddlech verscheet ass. Den Erpelding Jean, ass den 7. August 1941 zu Esch, als zweet Kand vu dräi Geschwëster ob Welt komm. Am Alter vu 17 Joer ass hien dem aktiven Déngscht bei den Escher Pompjee bäigetrueden. Schonns 4 Joer méi spéit gouf hien als Mannschaftvertrieder gewielt an weider zwee Joer méi spéit huet hien säin Offizéieschexamen gemeeschtert an ass Sektiounschef ginn.





Am selwechten Joer gouf hien och als Sekretär ernannt. Dëst huet hien 37 Joer laang, bis 2002, duerchgezunn. An dëser Zäit stoung hien dréi Kommandanten mat Rot zur Säit.

De Jang war Sekretär am Comité vum Kantonalverband vun 1969 bis 1977, a Member am Kantonacomité vun 1977 bis 2002.

Am Corps war de Jang fir seng Gesellegkeet an seng Komerodschaft bekannt. Besonnesch den jonken Kolleegen konnt hien mat senger grousser Erfarung an Begeeschterung vill bei bréngen.






Besonnesch ze erwähnen, gëllt een Grossbrand an engem Restaurant am Joer 1973. Hei ass et him an dem Henri Krieps gelongen, zwou Persounen déi um véierten Stack agespaart waren, ze befreien. Fir dës Heldendot goufen si mat enger Prime ausgezeechent.

1989 huet den Jang dat läscht grousst Kapitel vu senger Karriär gestart. Den 24. Februar gouf hien als Ënnerkommandant ernannt. Dëse Posten, an den als Sekretär, huet hien bis zur senger wuelverdéngter Pensioun am Joer 2002 kompetent duerchgefouert.

Och no sengem Antrëtt an den inaktiven Déngscht huet hien aktiv um Corpsliewen deelgeholl. Esou ass et méi wei eemol virkomm, dass wann en no engem laangem Asaz heem wollt, een den Jang an der Kantin begéint huet.

Den Erpelding Jean war een loyalen an pflichtbewossten Pompjeeskolleeg, den mir vermëssen wäerten.

# JEAN ERPELDING



Den 21. Abrëll 2023 stoung den Escher Pompjeescorps ënner Schock! Et woar eis zwar bewosst, datt däi Gesondheetszoustand sech déi lescht Zäit verschlechtert hat, mee d'Noriicht vun dengem Doud huet eis awer hoart getraff.
Nach e puer Deeg virdrun hu mäer zwee iwwert eis gemeinsam Zäit bei den Escher Pompjeeën diskutéiert. Durno hun ech däer Äddi gesot a versprach geschwënn erem ze kommen. Leider sollt et net méi dozou kommen.

Stëll ewéi et däi Wonsch woar, bass du am Krees vun denger Famill den 21. Abrëll 2023 vun eis gaangen. Den aneren Dag hu mäer, deng fréier Pompjeeskollegen, virum Sprëtzenhaus d'Fändelen op Hallefmast gesat.

No denger Bäisetzung um Bëschkierfecht um Escher Gaalgebierg hunn d'Pompjeeë vum CIS Esch/Uelzecht beim Gedenksteen virum Sprëtzenhaus Blummen nidergeluecht, ënnert de Kläng vun der „Sonnerie aux Morts". De Kommandant Guy Bernar huet an senger Usproch deng Verdéngschter fir den Escher Pompjeescorps gewierdegt an zum Ofschloss hunn d'Sireene vun den Asazween däer en ergräifende leschten Äddi geschéckt.

Domadder ass eng Ära eriwwer gaangen, déi den 8. Februar 1959 ugefaangen hat, den Dag, wous du mat 17 Joer an den Escher Pompjeescorps agetruede bass. Ganz séier bass du duerch däin Asazäifer an däi Komerodschaftsgeescht vun der Mannschaft an och vun denge Virgesetzten akzeptéiert ginn. Däin éischten Asaz hues du de 5. Juli 1959 beim Brand vum beschtbekannten Escher Restaurant „Aluisi" an der Millestrooss erlieft.

Den 3. Februar 1963 goufs du als Mannschaftsvertrieder an de Verwaltungsrot gewielt, den 21. Februar 1965 zum Sektiounschef ernannt an den 31. Mäerz 1965 mat grad emol 23 Joer hues du de verantwortungsvolle Posten vum Sekretär uvertraut kritt. Deenen dräi Kommandante Pierre Krieps, Guy Werer a Michel Krieps stoungs du wärend 37 Joer mat Kompetenz a Loyalitéit zur Säit.

Bedéngt duerch dëng Erfarungen an däi Fachwëssen hues du de 24. Februar 1989 de Poste vum Ënnerkommandant iwwerholl a bass weiderhin och Sekretär bliwwen. Während 13 Joer woars du mäin Adjoint op deen ech mech an allen Situatiounen, sief dat am administrative Beräich, awer besonnesch am Asaz zu honnert Prozent verloosse konnt; mäer woaren e gutt Team!

Net ze vergiessen de Groussbrand vum „Balkangrill", den 2. Januar 1973, wous' du zesumme mam Kriepsen Heng an enger dramatescher Rettungsaktioun, zwou Persounen in extremis aus de Flame gerett hutt.

Als Chef-Permanence hues du mat denger Fra dem Anny am ale Sprëtzenhaus gewunnt, duerno an der Kanalstrooss iwwert dem Policekommissariat a schlussendlech nieft dem neie Sprëtzenhaus an der Léon Metzstrooss. Du woars also praktesch ëmmer am Dauerasaz, an dat, nieft denger Aarbecht als Beamten op der Escher Gemeng.

Trotzdeem has du awer nach Zäit fir zwëschen 1966 an 1977 d'Concours-Equipe mat Erfolleg ze trainéieren. Dräimol konnts du mat denger Equipe eng Selwermedaille vun de Pompjeesolympiade vum CTIF mat op Esch brengen.

Mee domadder net genuch; och am Comité vum Kantonalverband vun de Pompjeeë vum Kanton Esch woars du vun 1969 bis 1977 Sekretär an duerno Member vum Comité bis 2001.

Besonnesch wichteg fir dech woar de sozialen Zesummenhalt vum Escher Corps, dobäi has du en ausgesprachene Sënn fir Gesellegkeet a Komerodschaft. Onvergiesslech däi legendären Humor an deng berüümte Spréch vun deene verschiddener haut nach bei den Escher Pompjeeë Kult sinn.

Op däi Wonsch bass du den 22. Februar 2002 vum aktiven Déngscht zréck getrueden. De 7. Februar 2003 bei denger offizieller Abschiedsfeier a Präsens vun der Buergermeeschtesch Lydia Mutsch an dem ganze Corps krus du den Titel vum „Eierenënnerkommandant an Eieresekretär" zougesprach.

Och als Inaktive woars du weiderhin enk mam Escher Corps verbonnen, hues gären eng Hand mat ugepaakt, awer och net mat Kritik gespuert wann et noutwendeg woar.

Deng lescht Etapp hues du zesumme mam Anny an der Seniorenresidenz „Op der Waassertrap" zu Bieles verbruet bis den 21. Abrëll, deen Dag, wous du dech definitiv aus de Reie vun den Escher Pompjeeën ofgemellt hues.

Denger Fra dem Anny, denger ganzer Famill an denge Frënn a Bekannte kann ech versécheren datt mäer Escher Pompjeeën eisen treie Frënd „den Erpeldengs Jang" net vergiessen an datt hien als „deen Escher Pompjee" ëmmer ënnert eis bleift.

Salut Jang, a Merci fir alles

Michel Krieps
Eierekommandant
24.06.2023

# EINSATZFAHRZEUGE

## CIS KAHLER

Beim CIS KAHLER wurde ein neues Fahrzeug vom Typ GW in Betrieb genommen welches vorher beim CIS Lorentzweiler im Einsatz stand.

## GERÄTEWAGEN







**Daten**

| | |
|---|---|
| **Hersteller** | Ford – Deutschland |
| **Modell** | Transit |
| **Eigengewicht** | 2.000 kg |
| **Gesamtgewicht** | 3.500 kg |
| **Hubraum** | 2.402 cm3 |
| **Leistung** | 101 kW |
| **Kraftstoff** | Diesel |








**Beladung:**

**Geräteraum links:**

- Ölbindemittel : flüssig und fest
- 6 kg Pulverlöscher
- 5 kg CO2 Löscher
- KED
- SAP Rucksack
- Motorsäge : Echo CS-3600
- Halligan Tool und Feuerwehraxt
- Material zum Eigenschutz (Schutzbrillen, Masken, Desinfektion)
- Kiste mit Trinkwasser
- Wasserbehälter 30 l (zum Händewaschen)





**Geräteraum rechts:**

- Stromaggregat 5,5 kVA
- 2 LED Scheinwerfer 100 Watt
- 2 Kabeltrommeln
- 1 Tauchpumpe Mast K7
- 1 Tauchpumpe Mast K5
- 1 Werkzeugkasten (wird nachgeliefert)
- 1 Kiste mit Strom-Zubehör
- 2 Stative für LED Scheinwerfer





**Geräteraum Heck :**

- 4 Steckleiterteile
- Bürsten, Schaufeln, Wasserschieber
- Schleifkorbtrage
- Spineboard
- Schaufeltrage
- wasserführende Armaturen
- Verkehrsleitkegel, Faltdreiecke und Blitzleuchten
- Kärcher Nasssauger
- Bolzenschneider
- 4 Schlauchtragekörbe (2xB und 2xC)
- Traffic-Advisor
- Arbeitsscheinwerfer



---

## VOLLBEKLEBUNGEN BEIM CIS FLAXWEILER

**KDOW 1**
**Peugeot Expert**







**MTW 1 Ford Transit**





**HLF 2-1  Scania P360**







**ELW 2-1**
**Mercedes- Benz 419**







Brausch R.

# KRANKENTRANSPORT UND RETTUNGSDIENST IN LUXEMBURG

## TAXIS-AMBULANCES PASCOAL – HUNCHERINGEN

Das Fahrzeug wurde gebraucht erworben und generalüberholt.
Der Aufbau wurde von der Firma System Strobel aus Aalen (D) ausgeführt.











| | Daten |
|---|---|
| **Hersteller** | Mercedes Benz |
| **Modell** | Sprinter |
| **Eigengewicht** | 2.990 kg |
| **Gesamtgewicht** | 3.500 kg |
| **Hubraum** | 2.143 cm³ |
| **Leistung** | 120 kW |
| **Kraftstoff** | Diesel |

Brausch R.


Feuerwehrtechnik | Rettungstechnik | Arbeitssicherheit

**BERATUNG • VERKAUF • SERVICE**

Reparatur-/ Wartung von Atemschutz und Gasmesstechnik:
Wir bieten Ihnen komplette Reparatur, Wartung und Prüfungsarbeiten mit modernster computergesteuerter Prüf-Technik nach den jeweils geltenden Vorschriften.
VfdB 0804 (Wartung von Atemschutzgeräten für die Feuerwehren), und nach T021 und T022 (Wartung von Gasmesstechnik) an.

Prüfungen von Absturzsicherungssysteme und Hydraulische Rettungsgeräte
Material Prüfung nach (DGUV-Grundsatz 305-002), diese soll mindestens einmal jährlich durch einen Sachkundigen (vgl. BGR/GUV-R 198 und 199) überprüft werden.

Mail: info@doppler.lu • Web: www.doppler-brandschutz.com

Doppler

LUXEMBOURG
Doppler S.à.r.l
3, rue de l'étang
L-5326 Contern

Tel.: +352 3575 34-1
Fax: +352 3573 35

Mo-Fr
8.00 - 12.00 Uhr
13.00 - 17.00 Uhr

Partner und Lieferanten: LION, Paul Boyé, Isotemp, August Penkert, Vetter, AWG, AIVIA, ZOLL, MSA, DÖNGES, Dr. STHAMER HAMBURG

# 72.

# MARCHE INTERNATIONALE



## Anciens pompiers HAMM (*amicale*)



| | |
|---|---|
| Départ-Arrivée | 157, rue de Hamm<br>L-1713 Luxembourg-HAMM |
| Zäiten | 07.00 – 14.00 Auer |
| Schluss | 17.00 Auer |
| Präis | 1,50 € pro Streck |
| Strécken | 5 km – 10 km |

## Sonnden, den 15.10.2023



- Kanner bis 14 Joer si gratis. D'Strécke si gezeechent.
- 5 km (1 Kontroll), 10 km (2 Kontrollen) mat Téi, Waasser a Bouillon
- Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt
- Vun 07.00-14.00 Auer fiert eng Navett vun der „rue de Bitburg" an d'Hal

**Kontakt/Informatioun: Guy Aeckerlé - ✉ aeckerle@pt.lu**

### *HAMM – E Bléck an d'Geschicht*

*Fir eise fréiere Kommandant, de Pierre KRECKÉ war ëmmer kloer: „Ee Pompjee dee fit ass, lieft an engem gesonde Kierper". Dofir war et säin Zil, d'Märsch op Lëtzebuerg ze kréien (cf original Bréiwer mam éischten IVV-Präsident Walter FRANZ vum 07.02.1970). Vum 20. Mee 1971 a bis haut, ass mat Ausnam vun 2020, all Joer op mannst ee Marsch zu Hamm organiséiert ginn. Hamm ass Grënnungsmember vun der FLMP (Marschfederatioun – 20.11.1971).*

### *CGDIS – Partner vun der FLMP*

*Den 11.03.2023 an der Fiels, ass op der Generalversammlung vun der FLMP, déi nei Partnerschaft mam CGDIS virgestallt ginn. **Dem CGDIS läit d'Gesondheet vu senge Pompjeeën um Häerz**. Fir d'Fitness vu senge Leit ze ënnerstëtzen, kritt all operationelle Pompjee d'Startgeld vum CGDIS rembourséiert. Fir genee Détailer kënn Dir per Mail bei communication@cgdis.lu nofroen.*

**!** ***Dofir kommt de 15.10.2023 bei eis, marschéiert mat oder laaft no Ärem Rhythmus.***

***Jiddereen an enger Pompjeestenu (Sportskleeder, Uniform) kritt ee klénge Kaddo.***

***Déi 3 Ekippen mat de meeschte Leit kréien eng Coupe. Mellt Är Ekipp w.e.g. am Virfeld un.*** **!**


***Wëll Dir eng Lizenz bei eis. Sot eis w.e.g. Bescheed a profitéiert e.a. vun Avantagen beim FLMP-Partner ASPORT***

IMMO NATIONAL
Il Piccolo Mondo
Hôtel - Restaurant - Pizzeria
qbshop.lu
voyages emile weber
éischtklasseg reesen

**POMPJEES MUSÉE**
an der Géitz Nidderwooltz

Pompjeesmusée „an der Géitz“
2, rue Geetz L-9558 Wiltz









All Samsches op vun 10h00 bis 18h00
www.pompjeesmusee.lu